



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5592 vum 27. Januar 2022 vun dem éierewärten Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert den "Retour du loup"

Op meng mëndlech Fro (n°273) iwwert d'Presenz vum Wollef zu Lëtzebuerg hat d'Madamm Ministesch mir geäntwert, datt een d'Äntwerten zu all menge Froen an der Broschüre "Wölfe in Luxemburg" kéint nosichen. Hei kann een effektiv Folgendes liesen: "Neben Wildtieren fallen auch Nutztiere ins Beuteschema der Wölfe. Vor allem ungeschützte Schafe und Ziegen sind für den Wolf eine leichte Beute. Finanzielle Einbußen für deren Besitzer, sowie Akzeptanzverluste sind die Folgen. Um Übergriffen vorzubeugen, können verschiedene Präventionsmaßnahmen wie Elektrozäune oder Herdenschutzhunde angewandt werden. Diese sind förderungsfähig und senken das Risiko von Übergriffen auf ein Minimum; hundertprozentigen Schutz gibt es allerdings nicht. Sollte es dennoch zu Verlusten durch den Wolf kommen, werden diese vom Staat entschädigt". Allerdéngs beäntwert d'Broschür a kenger Weis meng konkret Froen zu de Gefore vun der Presenz vum Wollef am Hibelék op d'Schof- a Geessenziichter.

Preliminär Bemierkungen

All d'Äntwerten op d'Froen vum éierewärten Deputéierten stinn am Kapitel 5 vum Aktiouns- a Managementplang, dee mat allen Akteuren aus dem Secteur zesummen ausgeschafft ginn ass, vun insgesamt 18 Auteuren. Jiddereen, dee sech fir dee Plang interesséiert, kann deen och um Internet op www.emwelt.lu op Däitsch an op Franséisch liesen. All Bauer, all Juegdpiechter an all Schofsziichter krut esou ee Plang geschéckt.

Et sinn och säit 2015 ronn 20 öffentlech Presentatiounen ofgehale ginn, wou iwwert de méigleche Retour respektiv iwwert de Retour vum Wollef geschwat gouf, déi vun iwwert 4200 Leit besicht goufen, dorënner ganz vill Baueren a Jeeër. Den 3. März 2022 um 19.30 ass am Kader vum World Wildlife Day 2022 nees esou eng Presentatioun, organiséiert vun der Naturverwaltung, dem Naturmusée an der Gemeng Wëntger. Den éierewärten Deputéierten ass häerzlechst invitéiert, déi nozelauschteren. Aschreiwé kann ee sech ënnert dësem Link: <https://gd.lu/4rBwbw>.

- 1. Fir hir Häerde besser ze schützen, brauchen d'Schof- a Geessenziichter méi héich Clôturë vun annerhallwem bis zwee Meter. Kréien déi dovu betraffe Leit eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir dës zousätzlech Investitioun?**

D'Bierger kréien ënner gewësse Bedingungen eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir Präventivmoossnamen.

- 2. Am Fall wou ee Wollef en Déier rässt an déi aner Déier fortlafen, z.B. op eng Strooss, wou si méiglecherweis ugestouss ginn: Wien iwwerhëlt am genannte Fall d'Onkäschten, respektiv, d'Nofolgekäschten?**

Esou Saache si relativ schwierig ze beweisen an oft Spekulation, genee wéi et de Moment och schonn oft mat Hënn ass, déi Notzdeiere joen.

- 3. Am Fall wou sech de Wollef weider ausbreet hunn d'Erfahrungen aus dem Ausland gewisen, datt d'Schof- a Geessenziichter zousätzlech en Häerdeschutzhond brauchen, ewei z.B. de franséische Pyrenäen-Bierghond. Wie geif an deem Kontext finanziell fir d'Beschafen an d'Ausbildung vun esou engem Hond opkommen?**

De Staat géif sech ënner gewësse Bedingungen un de Käschte vun Häerdeschutzhënn bedeelegen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

- 4. Am Fall wou déi betrafte Leit effektiv vu staatlechen Hëllef profitéiere sollten: Opgrond vu wéi enger Basis, respektiv, no wéi enge Parameter ginn dës Hëllef berechent? Ginn dës Hëllef no der Gréisst vum Betrib gerechent oder ginn et hei weider Parameter? Wa jo, wéi gesinn dës Parameter konkret aus?**

Déi besoten Hëllef ginn net no der Gréisst vum Betrib gerechent, mee nom Käschtepunkt vun de Präventivmoosnamen.

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2022
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung